Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3267 vum 28. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

*1. Wat fi r Moossname wäert d'Regierung huelen, fir sécherzestellen, datt d'CNAP korrekt an transparent Informatiounen iwwert de Statut vun Iwwerweisungen un d'concernéiert Bierger an un de Ombudsman liwwert?*

D'Pensiounskeess (CNAP) informéiert iwwert den Datum vun de Paiementer vun de lafende Pensiounen op hirem Internetsite, op der Adress https://cnap.public.lu/fr/pensions/calendrier-paiements.html. Op dëser Internetsäit kann een de Kalenner och downloade fir an een digitalen Agenda oder de Kalenner vum Smartphone anzefügen. An der Regel ginn di lafend Pensiounen um drëttleschte Schaffdag vum Mount bezuelt, ausser am Mount Dezember, wou d'Pensioun vum Januar dat Joer drop scho virun de Chreschtdeeg iwwerwisse gëtt.

D'Mataarbechter vun der Pensiounskeess sinn natierlech beméit fir dem Bierger an dem Ombudsman zu all Moment richteg Informatiounen zoukommen ze loossen.

An der eenzelner Affaire, déi den Deputéierte beschreift, hat een Agent vun der CNAP sech leider versinn an den Datum vum Optrag vun der Iwwerweisung vun der Dezember-Pensioun uginn, anstatt den Datum vum drëttleschte Schaffdag am Mount November 2025. Den Optrag fir di lafend Pensioun, also d'Pensioun fir de Mount dono, gëtt aus technesche Grënn ëmmer esou fréi am Mount opgestallt. Den Agent hat dës Informatioun accédéiert anstatt dem Ombudsman Opschloss ze ginn zum Paiement vun der ursprénglech, wéinst engem net eragereechte Liewenzertifikat, suspendéierter November-Pensioun. D'Informatioun un den Ombudsman gouf awer direkt rektifizéiert wéi de Feeler bemierkt gouf. Déi ursprénglech suspendéiert Pensioun gouf, zesumme mat der Pensioun fir de Mount Dezember, den drëttleschte Schaffdag vum November 2026 iwwerwisen, zwee Deeg nodeems di falsch Informatioun erausgoung.

*2. Wéi wäert d'Regierung garantéieren, datt Renten, no der Receptioun vun erfuerderlechen Dokumenter, ouni ongerechtfäerdegt Verzögerung ausbezuelt ginn, besonnesch fir Bierger am Ausland, déi op dës Suen ugewise sinn?*

Fir eng allgemeng Äntwert verweisen ech op d'Äntwert zur parlamentarescher Fro Nummer 3194 vum honorabelen Deputéierten.

Spezifesch handelt et sech bei dem beschriwwenen Fall ëm ee Pensionéierten, deen am Laf vun de leschten 12 Méint seng Adress gewiesselt huet ouni der Pensiounskeess seng nei Coordonnéeën unzeginn. Nodeems d'CNAP d'Novemberpensioun suspendéiert hat, huet de Pensionéierten een am Ausland produzéierte Liewenszertifikat an enger net-EU Sprooch erageschéckt. D'CNAP huet dësen Zertifikat iwwersat, analyséiert, validéiert, déi nei Adress agesat, d'Krankeversécherung nei analyséiert an der Gesondheetskeess déi zoustänneg Informatiounen zoukomme gelooss, d'Pensionsberechnung frësch lancéiert fir de Mount Dezember, dës nei Berechnung iwwerpréift a validéiert an de Recalcul vun der suspendéierter Novemberpensioun relancéiert, iwwerpréift a validéiert. Des Weideren huet d'CNAP den Assuré ëm zousätzlech Informatioune gebieden, déi eigentlech nach noutwenneg si fir de Paiement vun der Pensioun och weider sécherzestellen, mee déi leider net Bestanddeel vun deem auslännesche Liewenszertifikat waren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*3. Aus wéi engem Grond notzt d'CNAP net d'Méiglechkeet vun "Virements instantanés" (Direktiwwerweisungen), fir sécherzestellen, datt fälleg Renten direkt un d'Empfänger iwwerwise ginn?*

Fir d’Äntwert zu dëser parlamentarescher Fro verweisen ech op d’Äntwert zur parlamentarescher Fro Nummer 3194 vum honorabelen Deputéierte wou d’Prozedur vun der Liquidatioun an d’Prozedure respektiv d’Kontrollen am Detail erkläert goufen.

*4. Plangt d'Regierung eng Iwwerpréiwung vun de Prozedure bei der CNAP, fir solch Feeler an der Zukunft ze verhënneren?*

D’Froe vum Ombudsman mussen och weiderhi vu Persoune beäntwert ginn déi a kompliziéierten Dossieren eng mënschlech Perspektiv op d’Ëmstänn hunn oder entwéckelen. An deem Zesummenhang kann et isoléiert, wéi beim beschriwwene Fall, och mol virkommen datt ee Beamten sech iere kann. Wann sou een Iertum bekannt gëtt, da ginn natierlech déi néideg Dispositioune getraff fir sou Situatiounen ze vermeiden.

*5. Firwat musse Persoun, bei deenen erfuerderlech Pièce gefeelt hunn, bis zum nächsten Termin waarden, fir hir Pensiounen ausbezuelt ze kréien amplaz se direkt no Erareeche vun de Pièce auszebezuelen?*

Fir d’Äntwert zu dëser parlamentarescher Fro verweisen ech op d’Äntwert zur parlamentarescher Fro Nummer 3194 vum honorabelen Deputéierten.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez